

Working Camp

07-11.04.2020

Schaffcamp fir Frënn vum Native-Village & RaRo & Cheftainen & Chef

Viru méi wéi 14 Joer hu mir zesumme mat der Equipe Route an der Päischtvakanz mam Bau vum Keltenhaus ugefang. E puer dausend Guiden a Scouten, awer och aner Kanner/Jugendlecher a Schoukassen hu beim Bau gehollef an an de Joeren duerno derfir gesuert, dass Liewen am Haus ass. Mee eise Site brauch och vill Ennerhalt. Dat ass mat vill Aarbechten verbonnen, déi mir an de leschte Joere mat eise Working Camps maache konnten

Fir dëst Joer stinn folgend Aarbechten um Programm:

- eenzel grouss Rëss an de Maueren ausbesseren
- Konstruktiounen fir de Bealtaine oprichten
- Tippien fir Summercampen opriichten
- Brennholz fir Saison preparéieren
- Weide Konstruktioun nokucken an flécken

Datum: 07-11.04.2020

Plaatz: an a ronderëm d'Keltenhaus,
geschlof gëtt am Keltenhaus oder am Zelt

Max. Unzuel: keng Limitt (RaRo an Chef, déi Zäit a Loscht hunn)

Präis: D' Participatioun ass gratis, fir lessen a Gedréngs ass gesuert.

Umellung: neihaischen@lgs.lu

Umeldeschluss: bis den 31ten Mäerz 2020 fir dass mer een Iwwerbléck hunn. All spontan Hëllef ass awer emmer wellkomm.!

Animatioun: Nieft dem Schaffen ass och vir Gesellegkeet gesuert,
Lagerfeier a Bar am Keltenhaus.

Hëllef Wéini?: Mir si frou fir all Hëllef, déi do ass. Dir kënnt ee Moien/Mëtten, e puer Stonnen oder ganz Deeg hëllef kommen, esou wéi dir Zäit hutt.

